N°8234
Entrée le 14.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.08.2023

**Här Fernand Etgen**

**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 14. August 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Drénglechkeetsfro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no war de Police-Kommissariat op der Place de la Gare an der Nuecht vum 11. August op den 12. August formell zou, well net genuch Policebeamten asazbereet waren. Wéi et heescht, wieren eng ganz Rei Beamte krankgeschriwwen, anerer hätten hier Waff ofginn, well se e längerfristegt Traitement brauchen. Ausserdeem sinn am Moment 4 Beamten an Untersuchungshaft, wéinst engem Virfall vu presuméierter Policegewalt.

Och nom Weekend huet sech d'Situatioun anscheinend net wierklech verbessert, well de Büro weiderhi staark ënnerbesat ass. Eisen Informatiounen no wier de Büro op der Gare de facto net operationell a kéint seng wichteg Aufgab deemno och net erfëllen. An deem Kontext wollte mir folgend Drénglechkeetsfroen un den Här Policeminister stellen:

- Kann de Policeminister bestätegen, datt de Police-Kommissariat op der Garer Plaz an der Nuecht vum 11. op den 12. August formell zou war?
    - Wa jo, wat waren déi genee Ursaache fir dës Fermeture?

- Wéini stinn nees déi néideg Effektiver zur Verfügung, fir datt de Policebüro op der Gare nees voll operationell ka funktionéieren?

- Wat wëllt de Minister maachen, fir datt et an Zukunft net méi dozou kënnt, datt eenzel Kommissariater mussen zäitweileg zougemaach ginn?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

| | |
|---|---|
| Laurent Mosar | Léon Gloden |
| Deputéierten | Deputéierten |

N° 8234
Entrée le 17.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8234 vum 14. August 2023 vun den honorabelen Députéierten Léon Gloden an Laurent Mosar**

Den alldeegleche Fonctionnement vu de verschiddene Police-Unitéiten gëtt vun de respektive Responsabelen an der Police organiséiert.

De Service Public, deen d'Police leescht, ass global organiséiert fir d'ganz Land an deemno onoofhängeg vum Fonctionnement vun enger eenzelner Unitéit. Wann ee Kommissariat zou ass respektiv déi Equipen net disponibel sinn, well aanerwärts engagéiert, ginn d'Missioune vum Service Public automatesch vun aneren Unitéiten iwwerholl. Daat geschitt z.B. all Daag an der Nuecht an de Weekend, wann d'Kommissariater „à 2 roulements" d'office zou sinn.

Et kënnt vun Zäit zu Zäit vir, dass Kommissariater ausser der Rei zou musse bleiwen. Dat kann operationnell Grënn hun, wéi zum Beispill wann d'Effektiver vun der Police wéinst engem speziellen Evenement mussen zesummen gezu ginn (z.B.: Staatsvisitten oder grouss Demonstratiounen), mee och alt emol wéinst imprévisibelen an cumulativen Absencen. Och dann ginn déi generell Missioune vun der Police weiderhin assuréiert.

De Police-Kommissariat op der Garer Plaz ass just eng Dépendance vum grousse Kommissariat „à 3 roulements" aus der Région „Capitale" um Verluerekascht. Effektiv war an der Nuecht vum 11. op den 12. August d'Police-Gebai op der Garer Plaz zou, mee d'Police-Missiounen am Garer Quartier waren zu all Moment vum Haapt-Komissariat aus assuréiert!

Och am Quartier Gare war an der betraffener Nuecht all prioritär Missioun vir de Biirger assuréiert well déi respektiv Responsabel vun der Police, emmer duerfir suergen dass de Service Public ëmmer esou organiséiert ass, dass déi prioritär Missioune vun der Police zu all Moment um ganzen Territoire vum Land assuréiert sin.

Well den Effectif vun der Police allgemeng nët duergeet, huet dës Regierung schon 2019 de Recrutement renforcé fir d'Police décidéiert, deen duerch Recrutéierung an Ausbildung elo ab 2023 seng Friichten ufänkt ze droen. Duerch dës Décisioun wäert et an Zukunft manner oft virkommen, dass eenzel Kommissariater zäitweileg hier Horaires d'accueil fir de Public mussen adaptéieren. Natiirlech mussen och déi nächst Regierungen nach Décisiounen huelen fir d'Police weider ze verstärken. Trotzdeem wäert nie kënnen ausgeschloss ginn, dass net awer mol ee Kommissariat aus exceptionelle Grënn eraus d'Horaires d'accueil adaptéiere muss.

Lëtzebuerg, den 16. August 2023

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX